ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 20/12/2022

Rapport vun der Integratiounskommissioun vum 13.12.2022

Presenzen

Present	Net present
Ruef-Vogt Liselotte (présidente), Brunel Andy (secrétaire), Wieditz Gabriele, Milmeister-Naik Amina, Heinz Joé, Graff Yollande, Simon-Stammet Nathalie (membres), Noesen Henri	Fernandes José, Moreira Cardoso Carlos, Christiane Eicher-Karier, Ludwig Patrick (membres).

Punkt 1 Introduction

Punkt 2 Rapports

D'Rapporte vun de Sitzunge vum 15/11/2022 a vum 25/10/2022 goufen eestëmmeg ugeholl.

Punkt 3 Télévie

D'Mme Amina Milmeister-Naik war op der Versammlung vun der Gemeng fir d'Veräiner wou den Télévie virgestallt gouf. Do gouf et vum Télévie Ideeë wéi een dat Ganzt kann organiséieren an d'Ofrechnung maachen. D'Koordinatioun leeft iwwert ee Comité vun der Gemeng, de kontakt ass televie@helperknapp.lu

Punkt 4 GRESIL

D'Klausel dass ee muss 5 Joer a Lëtzebuerg wunne fir als Auslänner un de Gemengewale kënnen deel ze huelen ass weg gefall. Ausserdem ass den Délais fir sech op d'Wielerlëschten op 55 Deeg virun de Wale verkierzt ginn (-> Broschür "Je peux voter"). D'Fro stellt sech wéi d'Gemeng dat sollt mat deelen (virum 16/04/2023).

Punkt 5 Soirée de bienvenue

Fir d'Soirée de bienvenue ware vill Leit ugemellt an se ass gutt bei de Leit ukomm.

Helperknapp, 20/12/2022

Punkt 6 Chrëschtmaart

Den Här José Fernandes huet scho villes organiséiert, aner Membere wäerten och aushëllefen.

D'CARITAS huet gefrot fir de Flüchtlingen kënne Bonge fir Iessen a Gedrénks zur Verfügung ze stellen. Et muss do kloer gestallt ginn dass d'Leit kee Geld kënnen zréck kréie fir net genotzte Bongen.

Punkt 7 Divers

Déi nächst Reunioun, fënnt **de 7. Mäerz 2022 um 19:00 Auer** zu Bruch an der Bricher Stuff statt.

D'Mme Yollande Graff huet drop opmierksam gemaach dass een zäitleche Konflikt fir di nächst Soiree de Bienvenue mat engem Evenement vum Fussball an der Koll zu Bruch. D'Kommissioun proposéiert dofir de Koschtëschbau.
D'Yollande Graff wäert d'Integratiounskommissioun den 11/01/2023 bei der Table-ronde zum Manifestatiounskalenner vertrieden.

Enn vun der Reunioun: 21:00 Auer